Léif Memberen vun Amitié Am Sand Amizero asbl
Léif Giedelen a Pätteren vu Kanner aus der Schoul Amizero
Dier Dammen an dir Hären aus dem Scheffen- a Gemengeroot vun der Gemeng Nidderaanwen, a Vertrieder vun de verschiddenen Kommissiounen,
Léif Memberen vun der Association des Parents d'élèves a léif Elterevertrieder,
Léif Memberen vun eise Partnerassociatiounen, resp. Associatiounen di eis nostin ewéi d'AMU (Action pour un Monde Uni), Diddeleng hëlleft, Little Sequoia

Am Numm vun eiser asbl Amitié Am Sand Amizero begréissen ech iech nees ganz härzlech op der Editioun 2013 vun eiser AG.

Et ass mat gemëschter Gefiller datt ech iech haut begréissen. Gemëschte Gefiller, well mir zum Engen d'Freed hun, Iech dëst Joer nees eng ganz Reih Erfollger kënne virzestellen, di Points forts vun eiser asbl iwwert déi d'Colette iech dono am Detail nach erziele wärt.

An dach wor dëst Joer och bespickt mat Herausfuerderungen, bei deene mir alt mol geduecht hun, un eis Grenzen ze stoussen. Dorobber wärt ech e bësse mi spéit nach agoen.

Ech wëll, wahrscheinlech nët fir d'éischt op dëser Plaatz, betounen, datt mir Membren aus dem Comité am Domaine vun der Entwëcklungshëllef souzesoen Amateure sin. Mir handlen awer aus engem déiwen Engagement, aus enger déiwer Iwwerzeegung eraus, datt d'Educatioun iwwerall e Grondrecht muss sinn an datt ët e Mëttel ass, nohalteg eng méi human Welt ze schaafen:

"Education is the most powerful weapon which you can use to change the world." (N. Mandela)

Villäicht ass ët och dowéinter, datt mir eis mat eise Projet'en an hierem Gelengen perséinlech identifizéiren an och dann, wann besonneg Herausfuerderunge sëch présentéiren, eis gären momentan iwwerwältege loossen.

Ech wollt dës Geleegenheet dofir notzen, fir eise Comitésmemberen méng Dankbarkeet an mäi Respekt auszedrécken, fir hiert selbstlost Engagement fir eng mi human Welt. Jidderee vun eis huet dëst Joer rëm nees op séng Art dozou bäigedroen, datt eis Projet'en sëch entwéckelt hun, an datt eis Aktiounen hier Friichten droen.

« Auch aus Steinen, die einem in den Weg gelegt werden, kann man etwas Schönes bauen » seet de Johann Wolfgang von Goethe,
an dat geet alles besser, wann een eng staark Equipp ass.

Wann ech virdru vu geméschte Gefiller geschwat hun, dann ass ët, well mir d'läscht Joer am November während der Ausstellung « UMUHENGERI » am Kulturhaus Niederanven wuel vill beräichernd Momenter erliewt hun. Niewt dem JB Bakunzi, dem Kënschtler, dee och Workshops fir d'Kanner an der Schoul AM SAND ugebueden huet, hate mir och den Direkter vum CS AMIZERO, den Här Dieudonné, invitéiert. De Kontakt mam Här Direkter ass esouwuel fir eis Schüler wéi och fir eis Schoulgemeinschaft extrem wichteg. Déi läscht Vertrieder vum CS AMIZERO waren 2009 bei eis gewiecht, dat war laang hier.  Dir wësst, datt mir ët als eng vun eise Missiounen gesinn, d'interculturell Koommunikation ze liewen an ze förderen.

Dohier war ët eebe just emsou méi schlëmm a belaaschtend fir eis, wéi mir du gewuer goufen, datt den Här Direkter no sénger Visite zu Lëtzebuerg säi Posten am CS AMIZERO verluer hätt a géng remplacéiert gin.

Bei där Noriit waren mir zudéiwst betraff . Et war jo tatsächlech schon di 2. Persoun, di no hierer Visite bei eis a Schwieregkeete gerooden ass….

Wat war eis Verantwortung an dëser Saach?
Hate mir onvirsichteg gehandelt?
Wat misste mir aus dësem Virfall léieren?

Ouni wëllen zevill an den Detail goen, wat zu dësem Virfall gefouert huet, zéihen ech fir eis Associatioun a fir mëch selwer de Schluss, datt ët emsou méi wichteg ass, eis weiderhin bei eis an iwwerall fir eng « Education de qualité » an eng « Education à la paix » z'engagéiren.

« (…)le monde où nous vivons est (…) en proie aux préjugés, à la haine et à des difficultés persistantes. Souvent, les outils mêmes du rapprochement sont aussi ceux de la division et du rejet d'autrui. Souvent, les extrémistes diabolisent les autres cultures et les autres traditions et en font la cible de la violence. » seet d'Mme Irina Bokova, Generaldirectrice vun der UNESCO

Och dëse Virfall ass fir eis nees eng Bekräftegung méi, eis Méih nët ze schounen a nët an d'Préjugéen an d'Beschëllegungen ze verfalen, mä mat all eise Moyen'en dogéngt unzekämpfen.

Wéi dir an eisem Ordre du jour konnt liesen, proposéiere mier den Owend eng Ännerung an engem Artikel vun eise Stattuer. Wéi ass ët dozou komm ?

Amitié Am–Sand Amizero huet sëch der Qualitéit vun der Educatioun, am Rwanda, a par procuration och bei eis, verpflicht. Säit 2005 hu mir fir de CS AMIZERO zu Ruhango Villes erreescht, an 2009 huet eis Decisioun, e Projet beim MAE eranzereeschen, rapid Villes an d'Rulle bruecht.

Duerch d’Ënnerstëtzung an d’Vertraue vun eise Membren, eise Parrain’en, eisen Donateuren, eisem Frëndes- a Familjekrees – duerch IECH- ass aus dem CS AMIZERO eng Schoul gin, di awer och duerch d’Energien vun hierer Equipp pédagogique de Kanner e héichwärtegen Enseignement garantéiert.

Eise cofinanzéierte Projet ass an der Zäit begrenzt: 5 Joer. Dovunner ass elo annerhallewt Joer ofgelaf. De Bâtiment à étage mat neie Klassesäll, Buro fir den Direkter, Projektiounssall, Infirmerie, Bibliothéik, e Schoulrefectoire, asw… steet a gët am Mee a Präsenz vu Vertrieder vum Schäffen- a Gemengeroot vun der Gemeng Niederanven ageweiht. Et ass eng grouss Eier an och eng grouss Zefriddenheet fir eis, dëst erreescht ze hun.

De CS Amizero ass gewuess, huet sëch ëntwéckelt, an dorobber si mir houfreg. Och mir an eis Associatioun sin an eiser Aufgab gewuess.

An elo si mir op engem Punkt ukomm, wou mir mussen Décisiounen fir d’Zukunft huelen an eis neien Defien stellen.

Natiirlech wärte mier och an Zukunft eise Partner vun Turere Ibibondo tréi sin. Si engagéiren sëch, no Léisungen ze sichen, wéi si à moyen et à long terme eng gewëssen Onofhängegkeet kënnen erlaangen an dans la mesure du possible autonom kënne gin. Dëst ass natiirlech ganz an eisem Sënn, wëll mir der Meenung sin, datt ët onmoralesch ass, eng ungesond Ofhängeschkeet tëscht Partner ze schüren. Et ass fir eis un der Zäit, datt mir eis Energien op aner Projeten di eis H!ellef brauchen, ausweiden.

Am Laf vum läschte Joer hu mir kënnen eng Reih vu Kontakter knüpfen, déi eis nei Perspektiven an Zieler opgemaach hun. Eis Visioun ass ët, weiderhin vielfälteg Educatiounsprojet’en mat ärer Hëllef z’ënnerstëtzen.

Wann ech erzielen, datt eis Associatioun am Rwanda täteg ass, hun ech munchmol d’Impressioun, datt d’Leit sëch zwar nët trauen, gewësse Suergen ze äusseren, an trotzdeem verspieren ech oft eng gewësse Skepsis… Am Rwanda ass dach esou Villes geschitt…

Wéi dir villäicht wësst, fannen Ufangs Abrëll d’Commémoratiounen vum Génocide am Rwanda a bei de Leit vun der Diaspora statt. Dest Joer waren ët 19 Joer, datt während den onfirstellbaren Evenementer am Rwanda bis zu 1 000 000 Leit an Zäit vun 100 Deeg hiert Liewe gelooss hun.

Viru ménger éischter Visite am Rwanda hun ech mir vill Froe gestallt : Wéi wärt ët sëch ufillen, do als Turist spadzéiren ze goen, wou sëch dës onmënschlech Evenementer ofgespillt hun ?

Haut wees ech : Et ass nët d'Land, ët ass nët de Breitengrad oder eng besonneg Traditioun oder eng Kultur di dofir verantwortlech sin. Et ass d'Angscht an d'Hëllefloosegkeet.

« The enemy is fear. We think it is hate, but it is fear. » (Gandhi)

Wa mir nët achtsam sin, wa mir eis nët fir d'Bildung an d'Friddenserzéihung engagéiren, egal wou mir liewen, wa mir ët vermëssen, bei eiser an de nächste Generatiounen d'interkulturell Kommunikatioun an e kritesche Geescht ze fleelen, dann ass esou eng Situatioun ëmmer an iwwerall, do wou de Substrat d'Angscht an d'Verzweiflung ass, méiglech.

Mir hun an deem Sënn nët nëmmen am Rwanda, mä och bei eis eng wichteg Aufgab : nämlech duerch d'Educatioun mat eise klénge Mëttelen dogéngt ze wierken, datt esou Situatiounen an Zukunft kéng Chance méi hun z'entstoen.

«Les guerres prenant naissance dans l'esprit des hommes, c'est dans l'esprit des hommes qu'il faut élever les défenses de la paix.»
(Acte constitutif de l'UNESCO)

Ech hun op der Säit vum Kigali Genocide Mémorial eng Ausso gelies, déi mir nach vill Kappzerbrieches mëcht :

« … They did not kill a million people. They killed one, then another, then another...... day after day, hour after hour, minute by minute. Every minute of the day, someone, somewhere, was being murdered, … »

Ech wënsche mir, datt eis Aktiounen dozou bäidroen, datt d'Angscht virum „ANEREN" nët méi besteet.

Datt mir dëse Satz kënnen emformuléieren:

« Mir hu nët enger Millioun Leit gehollef. Mir hun engem gehollef, an engem aner, an engem aneren,… An déi, deene gehollef gouf, hun engem anere gehollef, an engem aneren,… »

An deem Sënn soen ech Iech fir Är Präsenz, är Ënnerstëtzung an Ärt Vertrauen, villmols Merci.